



Lëtzebuerg, de 5. Januar 2024



Mat Knuffefreed an dat neit Joer **a Begleitung vum Mr. Science an dem Pianist Marc Schmidt**

Léif Frënn vum natur musée

Dir sidd häerzlech invitéiert op e geselligen Owend mat de Frënn vum natur musée,



Freides de 26. Januar um 18.30 Auer am natur musée am Gronn.

Um Programm:

- **Begrëssung mat Usprooch vum President Jim Meisch**
- **Naturwëssenschaftlech Experimentier mam Mr. Science.**
De Mr. Science, bekannt bei de meeschte vun eis, heescht mat richtigem Numm Joseph Rodesch a schafft zanter méi wéi 10 Joer beim Fonds national de la Recherche als Mediateur tëscht Wëssenschaft an dem grouse Publikum. Hie presentéiert eis deen Owend e puer super interessant naturwëssenschaftlech Experimentier.
- Nom **Aperitif** geet et lëschtég weider mat typesch Lëtzebuerger Spezialitéiten, enger gudder **Zopp a Pianomusek** fir matzesange mam **Pianist Marc Schmidt**, bekannt aus dem Café des Artistes am Gronn.
- Schluss géint 22.30 Auer



Hutt Dir Loscht dobäi ze sinn, **melletech w.e.g. un bis spëtstens den 19. Januar op eiser neier**

Mailadress: info@amnhn.lu

Onkäschtebeitrag: et ass eng Invitatioun, exklusiv fir d'Frënn vum natur musée, déi hir Cotisatioun 2024 fir 1 oder 1+1 bezuelt hunn. All Don ass natierlech wëllkomm!



Mat allerbeschte Wënsch fir dat neit Joer vum ganze Comité

Jim Meisch, President Marie-Paule Welter, Trésorière Geneviève Faber, Sekretärin
Catherine Faber Denise Schweitzer Claude Meisch Corry Thys Änder Mousset

Les Amis du Musée National d'Histoire Naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg
tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 www.amnhn.lu



Lëtzebuerg, de 5. Januar 2024

*Léif Frënn vum natur musée
Chers Amis du Musée national d'histoire naturelle*

Mir wënschen Iech all **VILL GLÉCK AM NEIE JOER 2024** a freeën eis Iech och am neie Joer op interessant a flott Aktivitéiten am Musée, vum Musée an och vun eisem Veräin „**Frënn vum natur musée – Les Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l.**“ opmierksam ze maachen an z'invitéieren.

Op eisem *provisorësche Manifestationsprogramm* sti schonn e puer Aktivitéiten an de nächste Méint:

1. Zukünfteg Pläng

1. **D'Nuecht vun de Frënn**; dëst Joer am Wanter mam Titel: **Mat Knuppefrees an dat neit Joer, a Begleedung vum Mr. Science an dem Pianist Marc Schmidt, Freides de 26. Januar um** 18.30 Auer am natur musée am Gronn. Eng detailléiert Inviatioun ass hannendrun
2. **Präsentatioun mam Ornitholog Claude Heidt, vun der d'Vulle-Kollektioun vum Musée**, haaptsächlech vun der Frenzel-Kollektioun, déi mir viru Joren, als Frënn vum natur musée, matfinanzéiert haten. Dëst aus Ulass vun der rezenter Publikatioun Ferrantia Nr. 89 (Wëssenschaftlech Publikatioun vum MNHN) vum Claude Heidt iwwert d'Vulle-Kollektioun vum Musée
3. **Assemblée générale**: den **12. Mäerz** um 18.30 Auer am natur musée. Bei dëser Geleeënheet presentéiert eis de Ben Thuy, Conservateur vun der Paleontologie-Sektioun vum Musée, e puer interessant Neiegkeeten iwwert de Pliosaurier vun dem mir dem Musée e Modell geschenkt haten. Uschléissend Presentatioun vun der neier Konventioun mam natur musée
4. **Assemblée générale extraordinaire den 12. Mäerz**, bei där verschidden Detailer vun de Statute vun eiser a.s.b.l. geännert musse ginn
5. **2-Dagesreess an d'Belsch** mat Wanderung am Hallerbos zur Zäit vun der herrlecher Hyazinthe-Bléi a Visitte vun e puer interessante Muséeën a Gäert, den **20. an 21. Abrëll**
6. Wanderung iwwert de neie **Mansfeld-Circuit**, den **18. Mee**, a Begleedung vun engem Historiker an e puer Naturwëssenschaftler
7. **Ausflug an d'Réserve naturelle nationale d'Hettange-Grande**
8. **Wanderung duerch de Menster Brill**

Fir déi eenzel Aktivitéiten, déi nach an der Ausaarbechtung sinn, schécke mir ëmmer separat Invitatiounen **per Mail** eraus. Ab deem Moment kann een sech dann och umellen.

2. Cotisatioun 2024

Mir erlaben eis lech elo schonn un **d'Bezuele vun der Cotisatioun fir 2024** hanzeweisen. Spéitstens Ugangs Februar wäerten d'Cotisatiounskaarten bei lech doheem ukommen. Bis dohinner kommt Dir natirlech och nach mat der Kaart vun 2023 jidderzäit fräi an de natur musée eran.

- Einzel-Member: 20 €
- Member + 1 Invité: 30 €

Z'iwwerweisen op de CCP IBAN LU53 1111 0746 5259 0000

3. KONVENTIOUN MAM MNHN

Am Dezember 2023 huet eis a.s.b.l. eng Konventioun mam natur musée ënnerschriwwen, an där mir eis ënner anerem dozou verpflichtet hunn dem Musée reegelméisseg eng aktualiséiert Lëscht vun eise Membere zoukomme ze loosse fir dass de Musée eis Memberen fir grouss Manifestatiounen kann invitieren.

Membere, déi net domat averstan sinn, dass hir Adress zu dësem Zweck un de Musée weidergeleet gëtt, mussen sech sou séier wéi méiglech bei eisem Sekretariat secretariat@amnhn.lu mellen ! Weider Detailler ginn an der Generalversammlung virgestallt.

4. AKTIVITEITEN A MANIFESTATIOUNEN VUM NATUR MUSEE

Fir ëmmer informéiert ze sinn wat am Musée leeft oder vum Musée organiséiert gëtt, kuckt onbedéngt reegelméisseg an den **AGENDA vum mnhn.lu**, mellt lech un op der **Newsletter vum Musée** <https://mnhn.us3.list-manage.com/subscribe?u=b1b20de9d684a2f825c1ee9ec&id=ab55501f43> oder besicht de Musée op séngen zahlreichen soziale Medien:



Mat beschte Gréiss vum ganze Comité

Jim Meisch, President Marie-Paule Welter, Trésorière Geneviève Faber, Sekretärin
Catherine Faber Denise Schweitzer Claude Meisch Corry Thys Änder Mousset

!!!!!!!!!!!!!!!!!!!! **NEI MAIL-AN INTERNETADRESSEN** !!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!

Les Amis du Musée National d'Histoire Naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg
tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu